ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzegt Sécherheet an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

D'Police mécht verstäerkt Razziaen op der Stadter Gare. Verantwortlech hunn erklärt, datt am Joer 2015 do eng 100 Drogendealer verhaft gi wären.

Duerzou wéilt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1) *Wéi eng Nationalitéit hunn d'Dealeren, déi 2015 „verhaft" gi sinn?*
2) *Wéi eng juristesch Konsequenzen hunn dës Verhaftungen no sech gezunn?*
3) *Wéi e Statut hunn d'Dealeren, déi net Ressortissant vun der EU sinn (wéi z.B. Resident legal, net Resident, Demandeur fir internationale Schutz, …)?*
4) *Sinn Dealeren, déi déi net Ressortissant vun der EU sinn, eventuell no enger Prisongsstrof, effektiv aus dem Land respektiv aus der Europäescher Unioun ausgewise ginn?*
5) *Wéivill Verhaftunge sinn am éischten Trimester 2016 an Zesummenhang mat Drogendealer enregistréiert ginn, um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg an am Rescht vum Land?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten